PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
10 OCT. 2019
1310

Lëtzebuerg, den 10/10/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.**

Aktuell kann een zu Lëtzebuerg ofgelafe Medikamenter an de Recyclingszentere souwéi op d'Sammelstelle vun der Superdreckskëscht ofginn. Och a verschiddenen Apdikte besteet d'Méiglechkeet, dass d'Clienten hir Medikamenter zeréckdroe kënnen. Allerdéngs ass dat net an allen Apdikten de Fall.

D'EU-Kommissioun huet an engem Communiqué un d'EU-Parlament an un den EU-Rot vum 11ten Mäerz 2019 d'Reduktioun vu Medikamentenoffäll als eng Prioritéit considereiert. Notamment sollen déi bestéiend Sammelstrukturen analyséiert a verbessert ginn an och d'Ëffentlechkeet besser doriwwer informéiert ginn, wéi a wou si Medikamenter konform entsuerge kënnen. D'Regierung huet an de leschte Joren eng Réi Sensibiliséierungscampagnen zu dësem Thema lancéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung eppes ënnerhuelen, fir dass all d'Apdikten hei am Land dozou verflicht ginn, Medikamenter ze sammelen, fir esou eng propper Entsuergung ze erméiglechen?
   - Falls jo, wéi eng Mesurë gesäit d'Regierung vir, fir d'Apdikten heibäi ze ënnerstëtzen?
   - Falls nee, firwat gesäit d'Regierung dat als net néideg un?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 10 octobre 2019

Objet : Question parlementaire n° 1310 du 10.10.2019 de Monsieur le Député Marc Goergen - Retour des médicaments périmés ou inutilisés

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés